

Jeudi,  
7 mai 2009

Generalsekretär vun der UNO an och vum President vum Internationale Roude Kräiz guttgeheescht ginn ass. An ech wëll och heifir op jidde Fall, ech hunn dat jo erlieft mat Handicap International Lëtzebuerg, déi kritesch, mä ganz konstruktiv matgehollé hunn, dass mer esou wäit komm sinn, och e grouse Merci soen.

Déi Konventioun ass den 3. Dezember vu 94 Länner énnerschrivwe ginn zu Oslo. Fir mech perséinlech war et ee vun deenen émouvanteste Momenter an deene fënnef Joer, wou ech konnt dem Land elo déngen als Ausseminister, well et huet ee wierklech do gesinn, an ech war och begleet vu Leit, déi ebe wëssen, wat eng Streebomm ass, wat se kann um eegene Kierper fir Schied uriichten, an ech mengen, et waren déi Schwäizer Handicap International an och déi belsch, déi derbäi waren, well eis Organisatioun konnt net direkt vertrauede sinn. Dat war wierklech eppes, wat hänke bleift a wat a mengem Kapp och stieche bleift. An dass mer eis asetzen, fir deene Leit ze hëllefen an och fir Leit ze erspueren, dass se esou Misär kréien, ass schonn, mengen ech, eppes, firwat mer eigentlech Politik maachen.

Sou, elo nach vläicht ee lescht Wuert, wann Der wëllt, Här President, zu där Geschicht vun der Finanzéierung. Mir haten dat an d'Gesetz geschriwwen. Ech verstinn eigentlech net richtig, dass d'Finanzéierung net gefuerdert ginn ass. Déi Finanzéierung war ni een Thema an der Osloer Diskussioun. Och net zu Dublin. A si ass och eigentlech net vun den ONGe richteg no vir gedréckt ginn, ausser hei zu Lëtzebuerg, wou mer dat gemaach hunn, wou mer eis och mat Handicap International Lëtzebuerg driwwer énnerehalen hunn.

Mir hunn dee Punkt gemaach. Ech mengen, den Här Mosar huet dat ganz gutt hei gesot, an och den Här Braz: Wann dat nach ka verbessert ginn, da sollte mer dat maachen. Ech mengen, do hëllefe mer eiser Bankeplaz méi, wéi mer hir schueden, wa mer déi Exceptiounen do drasetzen.

Voilà, Här President, ech soen lech villmools Merci an ech sinn iwwerzeegt, dass mer haut wäerten elo alleguete fir déi Konventioun stëmmen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Ausseminister. Mir kommen dann direkt zum Vote vun deser Konventioun, dat heescht diesem Projet.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Dir wësst, dass de Vote par procuration net erlaabt ass. Voilà. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5981 ass eestëmmeg ugeholl mat 51 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mmes Anne Brasseur, Colette Flesch, MM. Charles Goerens et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*M. Jacques-Yves Henckes;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum Vote vun enger Rei vu Projeten, déi gëschter aus verständleche Grënn net méi konnten ofgestëmmt ginn.

**(Interruption)**

De Mikro ass awer un. Also, da ginn ech mer Méi.

» **Plusieurs voix.** - Aaahhh!

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Mir kommen zur Ofstëmmung vun enger Rei vu Projeten, déi, wéi gesot, gëschter net konnten ofgestëmmt ginn.

**3. 5273 - Projet de loi ayant pour objet de modifier:**

**1) la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne;**

**2) la loi modifiée du 19 mai 1999 ayant pour objet a) de réglementer l'accès au marché de l'assistance en escale à l'aéroport de Luxembourg, b) de créer un cadre réglementaire dans le domaine de la sûreté de l'aviation civile, et c) d'instituer une Direction de l'Aviation Civile;**

**3) la loi du 26 juillet 2002 sur la police et sur l'exploitation de l'aéroport de Luxembourg ainsi que sur la construction d'une nouvelle aérogare (suite)**

Mir fänken u mam Projet de loi 5273 iwwert d'Navigation aérienne.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Vote fänkt un. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5273 ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Madame Flesch, wann ech gelift.

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Här President, ech hu fir den Här Krieps par procuration ofgestëmmt an do ass mäin Apparat erëm blann ginn, wéi dat gëschter geschitt ass. Ech wär dankbar, wann ee géif no deem Apparat kucken.

**(Interruption)**

» **M. le Président.** - Mir versichen, esou schnell wéi méiglech ze operéieren. Den Här Goerens.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Här President, ech hunn en ähneleche Problem. Mäin ass nach e bësse méi komplizéiert. Ech hat de Choix tëschent dräi Kolleegen, an dunn ass mäin Apparat blann ginn.

**(Hilarité)**

Ech hat emol net...

» **M. le Président.** - Ech weess net, ob et eppes mat de Kolleegen ze doen hat.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Bei mir ass et net bis zur enker Selektioun komm, Här President.

» **M. Carlo Wagner (DP).** - Entschëllegt, Här President.

**(Hilarité)**

Schreift mech och op bei déi wou Pech haten!

**(Hilarité)**

» **M. le Président.** - Also, ech froe mech, ob bei der liberaler Fraktioun nach eppes fonctionnéiert haut de Moien.

**(Interruptions)**

Also, op jidde Fall ass de Projet eestëmmeg ugeholl bei kenger Géigestëmm.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5273 est adopté à l'unanimité des 58 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer,*

*Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes) et Jacques-Yves Henckes;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

**4. 5905 - Projet de loi relatif à la qualification initiale et à la formation continue des conducteurs de certains véhicules routiers affectés aux transports de marchandises ou de voyageurs et modifiant la loi modifiée du 27 juillet 1993 ayant pour objet**

**1. le développement et la diversification économiques et**

**2. l'amélioration de la structure générale et de l'équilibre régional de l'économie (suite)**

Mir stëmmen dann of iwwert de Projet de loi 5905 iwwert d'Chauffeurs professionnels.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Vote par procuration.

**(Hilarité)**

De Vote ass ofgeschloss.

Och dese Projet ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

Madame Flesch, war e Problem? Madame Flesch, weider kee Problem?

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Kee Problem.

» **M. le Président.** - De Projet ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen, bei kenger Géigestëmm a kenger Abstentioun.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5905 est adopté à l'unanimité des 58 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Charles Goerens), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Félix Braz), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes) et Jacques-Yves Henckes;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

**5. 5906 - Projet de loi modifiant**

**- la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques,**

**- l'article 179 du Code d'instruction criminelle et**

**- l'article 40 de la loi du 22 décembre 2006 promouvant le maintien dans l'emploi et définissant des mesures spéciales en matière de sécurité sociale et de politique de l'environnement (suite)**

Dann de Projet de loi 5906 iwwert den Alkohol an d'Drogen hannert dem Steier.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Vote ass amgang. Vote par procuration.

Och dese Projet ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Alexandre Krieps (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes) et Jacques-Yves Henckes;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt och hei d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

**6. 5968 - Projet de loi autorisant la reconstruction du passage supérieur situé au point kilométrique 0,858 de la ligne de Luxembourg à Kleinbettingen et amendant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire (suite)**

Mir stëmmen dann of iwwert de Projet de loi 5968, de Bau vun der Bréck vu Gaasperech, wou den honorabelen Här Negri eis gëschter de Rapport gemaach huet.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Vote fänkt un. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Och dese Projet ass eestëmmeg ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5968 est adopté à l'unanimité des 58 votants.*

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Félix Braz), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes) et Jacques-Yves Henckes;

M. Aly Jaerling.

Gëtt och hei d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

## 7. 5934 - Projet de loi portant

**a) création de l'Administration de la nature et des forêts**

**b) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État**

**c) abrogation de la loi modifiée du 4 juillet 1973 portant réorganisation de l'administration des Eaux et Forêts (suite)**

An da komme mer zum leschte Projet. Dat ass dee vun der Schafung vun der Administration de la nature et des forêts.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Och de Projet de loi 5934 ass eestëmmegeg uegholl mat 57 Jo-Stëmme.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Alexandre Krieps (par M. Charles Goerens), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes) et Jacques-Yves Henckes;

M. Aly Jaerling.

An ech denken, dass och hei d'Chamber d'Dispens gëtt?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Moien, dat ass de Projet de loi 5970 iwwert de Benelux-Traité. De Rapporteur ass den honorabelen Här Angel an deen huet elo d'Wuert fir de Rapport ze maachen.

## 8. 5970 - Projet de loi portant approbation

**- du Traité portant révision du Traité instituant l'Union économique Benelux, signé le 3 février 1958**

**- du Protocole relatif aux privilèges et immunités de l'Union Benelux**

**- de la Déclaration signés à La Haye, le 17 juin 2008**

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration**

» M. Marc Angel (LSAP), rapporteur. Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, Här Botschafter, d'Benelux ass virun allem an Europa ville Leit bekannt als e Musterbeispill vun enger gelogener regionaler Zesummenaarbecht. De Grond dofir ass enner anerem, dass d'Zesummenaarbecht tëschent Holland, der Belsch a Lëtzebuerg schon eng ganz laang Traditioun huet.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

D'Benelux ass bekannt an Europa als Virreider am Domän vun der wirtschaftlecher Integratioun. D'Benelux-State si Membere vun der éischer Stonn och vun deser Europäescher Unioun.

D'Benelux ass och bekannt als Innovateur, dee vill Politiken an Europa un d'Rulle bruecht huet. D'Benelux ass bekannt als Laboratoire, deen oft e Schrëtt viraus war, deen nei Iddien hat, déi duerno a méi engere breede Krees vu Länner emgesat konnte ginn.

Schonn eleng dofir ass et wichteg, d'Benelux weiderliewen ze loossen, mä souguer d'Benelux ze revitaliséieren an ze redynamiséieren. Dëst ass dann och d'Haaptzil vum Traité, deen haut hei an der Chamber ratifizéiert gëtt. Deen alen Traité leeft den 31. Oktober 2010 aus. En ass 1960 a Kraaft getrueden, mat enger Dauer vu 50 Joer.

D'Kooperatioun am Kader vun der Benelux huet awer net eréischt viru 50 Joer ugefaangen. Ofgesi vun der Zesummenaarbecht tëschent Lëtzebuerg an der Belsch am Kader vun der Union économique belgo-luxembourgeoise hunn d'Benelux-Länner schon an den 30er Joren zesummegeschafft.

De richtegen Ulaf fir eng Kooperatioun tëschent Holland, der Belsch a Lëtzebuerg gouf awer an der Zäit vum Zweete Weltkrich geholl. 1943 gouf zu London den Accord monétaire ënnerschriwwen, an 1944 dunn d'Convention douanière tëschent deenen dräi Länner.

D'Kooperatioun tëschent deenen dräi Länner huet sech tëschent 1948 an 1958 permanent intensivéiert. 1949 gouf den Accord de préunion économique uegholl, 1953 e Protokoll iwwert d'Koordinatioun vun der Wirtschafts- a Sozialpolitiken an 1954 en Accord iwwert d'Zirkulatioun vum Kapital.

Den 3. Februar 1948 gouf dunn den «Traité instituant l'Union économique Benelux» ënnerschriwwen, deen 1960 a Kraaft getrueden ass. An hien hat d'Zirkulatioun vun der Persounen, Wueren, Kapital an Déngschtleeschungen zum Zil. En Zil, wat iwwerens och am Traité de Rome draustoung, deen ee Mount méi fréi ënnerschriwwen gouf wéi den éische Benelux-Traité.

Déi véier Grondfräiheete stoungen dunn och an de 60er Joren am Mëttelpunkt vun der Benelux-Aktivitéiten, mä no an no huet des Kooperatioun sech verbreedert.

D'grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht, zum Beispill an der Beräicher Landesplanung, Ëmweltschutz, Energie, Tourismus an och d'Zesummenaarbecht an der Beräicher Justiz an Affaires intérieures hunn ëmmer méi eng grouss Plaz uegholl. An der Tëschenzäit gouf och den institutionelle Kader weiderentwéckelt duerch d'Schafung vum Benelux-Parlament duerch eng Konventioun aus dem Joer 1954 a vun der Cour de Justice Benelux, déi säit 1974 aktiv ass.

Erlaabt mer eng Klammer opzemaachen; ech hunn d'Benelux-Parlament ugeschwat: Lëtzebuerg hat d'Présidence an de Joren 2007 bis 2008; de Roger Negri war e gudder President. Hien huet et fäerdeg bruecht, dass hei all eis Ministeren an d'Plenarsitzung komm sinn an den Deputéierten aus deenen dräi Länner Ried an Äntwert stoungen. Hien huet et och fäerdeg bruecht, méi inhaltlech a politesch Diskussiounen ze féieren. Och vill ass diskutéiert ginn iwwert deen neien Traité. D'Benelux-Parlament huet och hei säin Input ginn, an ech mengen, och de Marcel Oberweis, dee President ass vun der Lëtzebuurger Delegation vum Benelux-Parlament, a vill aner Kollegen hunn do matgeholl.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. Marc Angel (LSAP), rapporteur. Zréck awer elo erëm op d'Themen, déi d'Beräicher vun der Benelux-Aarbecht bestëmmt hunn. Dës Zesummenaarbecht, wéi grad gesot, ass am Laf vun der Zäit iwwert den Traité erausgaang. Dat louch enner anerem och un der verstärkter Aktivitéit vun der europäescher Communautéit, déi jo och an der nämlecher Richtung vun der wirtschaftlecher Unioun geschafft huet.

Doduerch huet déi Entwécklung derzou bäigedroen, dass d'Benelux hir Aktivitéiten diversifizéiert huet, sech also dem verännerten Ëmfeld ugepasst huet, ouni dass elo den Traité geännert gouf.

An der Mëtt vun den 90er Joren huet de Comité des ministres op Basis vum engem Rapport vun engem Comité des Sages beschloss, dass sech d'Aktivitéit vun der Benelux ronderëm eng Rei Beräicher konzentréiere sollten. An et waren dat: 1. d'politisch Kooperatioun an d'Concertatioun bei europäesche Problemer; 2. déi grenziwwerschreidend Kooperatioun; 3. de Marché intérieur an d'wirtschaftlecher Kooperatioun; 4. Kultur, Fuerschung, Bildung a Formatioun; 5. d'fräi Zirkulatioun vun der Persounen a 6. Informatioun, Publikatiounen a Statistik.

D'Kooperatioun vun der Benelux war an de leschte 50 Joer ganz variéiert an esou ausgedehnt, dass et wierklech ze wäit géif féieren, wann ech dat am Detail opzielen.

D'Benelux huet et an där Zäit ëmmer erëm fäerdeg bruecht, hirer Virreiderroll gerecht ze ginn. Dat war net nëmme an der Vergaangenheet de Fall, mä och zum Beispill wat d'Schengen- an d'Senning-Kooperatioun betrëfft.

Mä et gëtt och ganz rezent Beispiller, fir dat ze beleen. A titre d'exemple, stellvertriedend fir all déi aner nennen ech den Euro Contrôle Route, bei deem et drëms geet fir d'Kontroll vum Transport routier ze verbessern an esou fir méi Sécherheet op eise Stroossen ze surgen. Mëttlerweile si 14 Memberstater a sechs Observateure mat derbäi. A bei der Revisioun vun der Direktiv 2006/22, déi Enn Januar proposéiert gouf, huet d'Europäesch Kommissioun sech ganz wesentlech op d'Viraarbechte vum Euro Contrôle Route gestäipt.

**(M. Laurent Mosar prend la Présidence)**

En anere Volet vun der Zesummenaarbecht betrëfft déi politesch Kooperatioun.

D'politisch Kooperatioun geschitt op fräiwëlleger Basis. Si ass net duerch den Traité virgeschriwwen. D'Benelux-Stater hunn zum Beispill regelméisseg gemeinsam Positionen no bausse bezunn. Sief et a schrëftlecher Form, wéi zum Beispill duerch déi bekannte Benelux-Memoranden, oder sief et einfach nëmme, dass sech am Kader vun der Aarbecht an internationalen Organisatiounen ofgestëmmt gouf.

Dës Kooperatioun hat an der Vergaangenheet munche Succès. Mat hire gemeinsame Positionspabeieren hunn déi dräi Länner et oft fäerdeg bruecht, hir Intérëten op e gemeinsamen Nenner ze bréngen a se domat an Europa och ze verdeedegen.

Am Virfeld vun den EU-Sommeter versichen d'Benelux-Stater hir Positionen ze koordinéieren. Si entwéckele gemeinsam Standpunkte an tauschen Informatiounen aus. Et besteet och e stännege Kontakt tëschent der Représentanté vun den eenzelnen Länner am COREPER. D'Benelux-State concertere sech och iwwer méiglech Kandida-

turen a verschiddenen Organer an Agencé vum der UNO.

Mä am Kader vun der politescher Kooperatioun gouf et och manner aktiv Phasen a Réckschléi. Ech denken dobäi un de Sträit iwwert d'Successioun vum Jacques Delors als President vun der Europäescher Kommissioun oder un d'Verhandlung vum Traité de Nice, bei deem et ëm d'Sätzverdeelung am Europäesche Ministerrat gong, an awer och un d'Fro vun enger militärescher Participatioun am Irak.

D'politisch Kooperatioun huet natierlech ëmmer am beschte funktionéiert, wann d'Divergenzen tëschent de Länner geréng waren oder wann et drëms gong, Kräften ze bündelen.

Eng réusséiert politesch Kooperatioun wäert och an Zukunft net ëmmer einfach sinn, mä deen neien Traité soll dofir deen néidegen Impuls ginn, fir dass an Zukunft erëm méi regelméisseg a konsequent an der Richtung geschafft gëtt. Am Kontext vun enger Europäescher Unioun mat 27 Memberstater ass dat esou wichteg wéi nach ni virdu.

Den neien Traité ass de 17. Juni 2008 ënnerschriwwen ginn. Den Traité ass fir eng onbestëmmt Zäit ofgeschloss ginn an e kënn mat nëmme 40 Artikelen aus. En ass also méi kuerz wéi säi Virgänger mat 100 Artikelen.

Den Traité soll d'Kooperatioun vun der Benelux-Länner redynamiséieren an hir nei Impulser ginn. E soll d'europäesch Vocaatioun vun der Benelux ennersträchen an déi extern Dimensioun stäerken. Fir dat ze errechen, goufen d'Haaptzilsetzung vum der Benelux reformuléiert an en neien Aarbechtsskader gouf geschaf.

Den Traité definéiert dräi grouss Kooperatiounsberäicher: 1. d'Weiderentwécklung vun der wirtschaftlecher Unioun an d'Ëmsetzung vun enger gemeinsamer Politik, wat d'wirtschaftlech Relatiounen mat Drëttstater ubelaangt; 2. den Développement durable an 3. d'Zesummenaarbecht an der Beräicher Justice an Affaires intérieures.

Dës Upassung ass néideg ginn, well se der aktueller Zesummenaarbecht vun der Benelux Rechnung dréit an och genuch Raum fir déi zukünfteg Entwécklung léisst. Wéi virdu gesot, war dat bei deem alen Traité bäi Wäitem net méi de Fall.

D'Formulatioun vun den Ziler am neien Traité ass iwwerdeems gutt gewielt, well se eng sénnvoll Zilrichtung ugëtt an och flexibel genuch ass, fir op Erausforderunge vun der Zukunft reagéieren ze kënnen. Konsequenterweis schwätze mer also elo och net méi vun enger Union économique Benelux, mä einfach vun der Unioun Benelux.

Méi konkret gëtt et da mat deenen neie gemeinsamen Aarbechtsprogrammen, enger wesentlecher Neierung vun dem neien Traité. Si definéieren d'Prioritéit vun der Zesummenaarbecht innerhalb vun deenen dräi Ziler.

Et handelt sech hei och ëm e flexibel an dynamesch Instrument, dat regelméisseg iwwerpréift an, wann néideg, och adaptéiert ka ginn.

D'Kooperatioun vun der Benelux kann esou och op déi aktuell Problemer agoen, déi méi kuerzfristeg optauche kënnen.

Den éische gemeinsame Aarbechtsprogramm, deen d'Joren 2009 bis 2012 ofdeckt, ass iwwerens scho vum Comité des ministres adoptéiert ginn, an der-niewent gëtt et nach e järeleche Plan de travail.

E weidere Changement betrëfft d'Verein-fachung vun der Strukturen. Den Traité gesäit fënnef Institutiounen vir: de Comité des ministres Benelux, de Conseil Benelux, d'Benelux-Parlament, d'Cour de Justice Benelux an d'Generalsekretariat.

De Comité des ministres bleift d'Haapt-décisionsorgan vun der Benelux a muss sech elo nëmme méi eng Kéier am Joer treffen. Seng Zesummesetzung ass méi flexibel ginn. Den Traité schreift vir, dass all Land op d'mannst mat engem Minister muss vertruede sinn.

D'Zesummesetzung vum Comité kann awer variéieren, jee nodeems wat fir eng Politikberäicher am Ordre du jour stinn.

De Fonctionnement vum Benelux-Parlament a vun der Cour de Justice ginn duerch den Traité net verännert. De Collège arbitral gehéiert net méi zu den Institutiounen vun der Benelux. Hien ass ni zesummekomme, notament well d'Benelux jo eng Cour de Justice 1974 krut. Och de Conseil consultatif économique et social, deen net gutt funktionéiert huet, an dee rigidéiert System vu Kommissiounen a Spezialkommissiounen stinn net méi am Traité.